ACEL
de Studentevertrieder

Esch-sur-Alzette, de 5. September 2025

ACEL – de Studentevertrieder
2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

**Communiqué de presse de l'ACEL** : Pensiounssystem - Eng Reform ouni Perspektiv

D'ACEL begréisst, datt d'Regierung d'Noutwennegkeet vun enger Pensiounsreform unerkannt huet an no de Gespréicher mat de Sozialpartner, bei deenen d'Jugend net méi agebonne war, elo konkret Mesuren annoncéiert huet. Besonnesch positiv ass fir eis, datt d'Studiejoren nach ëmmer berécksiichtegt ginn an an Zukunft méi flexibel gestalt solle ginn. Dat war eng laangjäreg Fuerderung vun der ACEL, déi och an der Konsultatiounsphas breet Ënnerstëtzung fonnt huet an dréit dem Prinzip vum Life-Long-Learning Rechnung. Genee esou wichteg ass fir vill Student:innen, datt de Pensiounsantrëtt an Zukunft méi flexibel soll méiglech sinn.

Trotz dëse Fortschrëtter bleift d'Reform hannert deem zeréck, wat néideg gewiescht wier. D'Erhéijung vun de Cotisatioune vu 24 op 25,5 Prozent wäert dem System nëmme limitéiert hëllefen. Wéi d'Sozialministesch Martine Deprez selwer erklläert huet, verréckelt dat den erwaarten Defizit just vun 2026 op 2030 an ass domat keng nohalteg Léisung.

Och d'geplangt Verlängere vun de Versécherungsjoren ass problematesch. Zwar soll de gesetzlechte Rentenantrëttsalter vu 65 Joer erhale bleiwen, mee wie mat 60 Joer an d'Pensioun goe wëll, muss bis 2030 insgesamt aacht Méint méi Cotisatiounsjoren opweisen. D'Realitéit ass awer, datt vill Leit schonn haut beim Rentenantrëtt mat 60 méi wéi 40 Versécherungsjoren hunn. Entweder well si fréi ugefaang hunn ze schaffen oder duerch Studiejoren an aner Zourechnungszäiten. Dës Mesure wäert also kuerzfristeg bal keen treffen an dréit nëmme ganz limitéiert zur Entlaaschtung vum System bäi.

D'Haaptlaascht vun der Reform läit domat erëm op de Schëllere vun der schaffender Bevëlkerung an domat besonnesch bei der jonker Generatioun. Rentner:innen a Persoune kuerz virum Rentenantrëtt bleiwe verschount. Vun intergenerationeller Gerechtegkeet kann hei keng Ried sinn.

Eis Ëmfro huet scho gewisen, datt eng Rei Student:innen d'Zukunft vum Pensiounssystem haut scho mat Pessimismus gesinn. Wou ufanks nach vun engem Horizont vu 40 Joer geschwat gouf an duerno vum Wëlle vun der Regierung, de System fir 15 Joer ofzesécheren, schwätzt een elo nach vu 4-5 Joer. Dat ass eng grouss Enttäuschung a bitt der Jugend keng Perspektiv, déi awer onbedéngt néideg ass, fir d'Vertrauen an de System ze stäerken a fir d'Attraktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg nom Studium ze erhalen.

**ACEL - Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois asbl**

contact@acel.lu
www.acel.lu

Tel.: (+352) 20 60 84 84
/acelluxembourg

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

(+352) 20 60 84 84 - **1** | Président·e
(+352) 20 60 84 84 - **4** | Vice-Président·e Représentation

SPUERKEESS
Partenaire officiel

D’ACEL hätt sech eng méi ambitiéis Reform gewënscht, déi och nei Finanzéierungsquellen erschléisst an eng laangfristeg Stabilitéit garantéiert. Eng Reforme, déi nëmmen op kuerzfristeg Upassunge setzt, verfeelt hiert Zil. Wien haut an d’System abezilt, huet e Recht op Sécherheet fir seng eegen Zukunft.


**Gianni DI PAOLI**
President
gianni.dipaoli@acel.lu
+352 2060 8484 - 1

**Laurent SCHENGEN**
Vize-President Representation
laurent.schengen@acel.lu
+352 2060 8484 - 4